piraten.lu

N°3149
Entrée le 31.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.11.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

D'*Wort* beriicht an engem Artikel vum 31ten Oktober 2025 doriwwer, wéi ee Schüler am Zentrum vu Lëtzebuerg vun zwee anere Jugendlechen zerschloe gouf. Et existéiere Videoopnamen vun der Gewaltdot op de sozialen Netzwierker.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn eis Schoulen an d'Schoulweeër aktuell nach sécher sinn?
2. Wéi eng Moossname gesinn d'Ministere vir, fir géint gewaltsaamt Verhale vu Jonken virzegoen an esou Situatiounen ze vermeiden an d'Affer ze schützen?
3. Wéi eng Moossname kënne schnell geholl ginn, fir esou Gewaltdoten an de Schoulen an op de Schoulweeër z'ënnerbannen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3149 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen**

1. **Sinn eis Schoulen an d'Schoulweeër aktuell nach sécher sinn?**

Et ass essentiel, datt eis Schoulen a Schoulweeër och an Zukunft sécher Plaze sinn.

D'Sécherheetskonzepter vun de Lycéeë gi reegelméisseg zesumme mat der Police an den zoustännege Servicer vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) evaluéiert. D'Zil ass, dës Konzepter stänneg ze verbesseren an un déi lescht Erkenntnisser an der Sécherheetspräventioun unzepassen, fir e Maximum u Schutz an Zouverlässegkeet fir Schüler a Personal ze garantéieren.

D'Sécherheet an de Gebaier vun de Grondschoule fält an d'Kompetenze vun de Gemengen. D'Police dréit hiren Deel dozou bäi mat enger präventiver an edukativer Aarbecht am Enseignement fondamental, vun de Schoulzyclen 1 bis 4.2 mat abegraff. Duerch Formatiounen a Beräicher wéi ënnert anerem Prévention de la violence an Instruction routière sollen d'Kanner sech sécher am Verkéier, besonnesch op hirem Schoulwee, beweegen. Dës Initiative gi vun de Services de prévention régionaux vun der Police proposéiert, mat Beamten déi d'Lokalitéiten an déi spezifesch Gefore kennen an d'Preventiounsaarbecht individuell upassen. D'Police bitt ausserdeem Formatioune fir den Enseignement secondaire un.

Ee Bréif mat der kompletter Präventiounsoffer déi d'Police ubitt ass am Mee 2025 vum MENJE un d'Strukturen am Educatiounsberäich weidergeleet ginn. Méi Informatioune fënnt een um Internet Site vun der Police[1] .

2. **Wéi eng Moossname gesinn d'Ministere vir, fir géint gewaltsaamt Verhale vu Jonken virzegoen an esou Situatiounen ze vermeiden an d'Affer ze schützen?**

D'Bekämpfung vun der Gewalt an all hire Forme stellt eng prioritär Ugeleeënheet vum MENJE duer. No de Virfäll vun 2022 (déi an der parlamentarescher Fro Nr. 6534 thematiséiert goufen) sinn d'Programmer vun der Gewaltpreventioun vun der Police adaptéiert ginn. Den "Happy Slapping" gëtt duerch déi 2023 opgestallte Campagnë *not sharing is caring* an de Couren spezifesch behandelt. D'Präventiounsaarbecht gëtt reegelméisseg adaptéiert an zesumme mam Educatiounsministère ausgeschafft an ëmgesat.

Am Enseignement fondamental ass an éischter Instanz wichteg, de Kanner déi Kompetenze mat op de Wee ze ginn, fir datt si léieren, hir Konflikter op eng friddlech Aart a Weis ze léisen. Esou gesäit den aktuellen Plan d'études vum Enseignement fondamental am Kader vun den transversale Kompetenzen d'Entwécklung vun den Attitudes relationnelles vir. D'Zil ass et, datt d'Schüler léieren zesummenzeliewen, deen aneren ze respektéieren, nozelauschteren an ze verhandelen. D'Theme wéi de Respekt virun anere Mënschen, Konfliktléisung souwéi den Notzen an d'Risike vun den neie Medie ginn natierlech och am Fach *Vie et société* behandelt.

[1] https://police.public.lu/fr/prevention/programmes-de-prevention.html

D’Wuelbefanne vun de Schüler ass a bleift ee vun de wichtegsten Elementer fir hir gutt Entwécklung. Dëst spigelt sech och am Livre blanc vum neie Plan d’études, an deem de Bien-être vun de Schüler ee vun de véier Haaptpilieren duerstellt. Zousätzlech huet all Schoul hir eege Richtlinnen an Interventiounsstrategië fir wärend an nom Fall vu Gewalt. Dës Strategien ëmfaassen d’Preventioun vu Gewalt bis hin zur Interventioun, wann Gewalt effektiv stattfonnt huet.

Nieft dem Plan d’études entwéckelt an implementéiert de MENJE ëmmer erëm Initiativen, Campagnen a Konzepter am Kader vun der Preventioun vu Gewalt, der Stäerkung vun de Schüler an enger Ënnerstëtzung vu Betraffenen. Hei wieren ënnert anerem follgend Initiativen ze nennen:

- D’Campagne *Exit Mobbing* dréit dozou bäi, d’Elteren an d’Schüler ze sensibiliséieren an iwwert d’Prozeduren, déi am Fall vu Mobbing an der Schoul ze suivéiere sinn, ze informéieren. D’Campagne huet ënnert anerem d’Zil, de Phänomen vum Mobbing ze enttabuiséieren, fir datt d’Affer sech trauen, Hëllef ze sichen. *Exit Mobbing* soll de Schüler an dësem Zesummenhang d’Konsequenze vum Mobbing fir all Betraffenen, also och fir den Täter, weisen an doduerch méi Transparenz bei der Betreiung vun den Affer, den Zeien an den Täter erméiglechen.
- Bei schwéiere Fäll vu Mobbing kann et noutwenneg sinn, d’Faiten un d’Schoulpersonal oder – bei akuter Gefor – externen Autoritéiten (wéi der Justiz) ze mellen. D’Prozeduren, déi an dësem Kontext opgestallt goufen, déngen dozou, d’Schüler viru schwéiere Geforen ze schützen. Déi eenzel Schrëtt heizou ginn an der Broschür *Maltraitance* beschriwwen.
- Fir op schwéier an dréngend Fäll vu Mobbing tëscht Schüler ze äntweren, huet de MENJE am Joer 2013 d’Interventiounscellule *Stop Mobbing* an d’Liewe geruff. Souwuel am Fondamental wéi och am Secondaire gräifen d’Acteuren aus dëser Cellule an, wann eng Schoul se uschreift. Si intervenéiere punktuell op der Plaz, fir op de Problem opmierksam ze maachen, Léisunge virzeschloen an erëm e positiivt Klima hierzestellen.
- Déi staatlech Initiativ BEE SECURE mécht Opklärungsaarbecht zum Thema digital Sécherheet. Och de Sujet vum Cybermobbing gëtt an dësem Kontext reegelméisseg thematiséiert. Mëttlerweil bitt BEE SECURE iwwer 1.400 Formatiounssessiounen un – souwuel an de Schoule wéi och am non-formale Kontext.
- De Projet *S-Team: Setz dech an!* huet als Zil, d’Zesummeliewen am Fondamental, am Secondaire an an de Maison relaisen ze verbesseren, andeems d’Kanner an déi Jugendlech fir hir Roll an der Gewaltpreventioun sensibiliséiert a responsabiliséiert ginn.

Den Institut de formation de l’Éducation nationale (IFEN) souwéi de Centre psycho-social et d’accompagnement scolaires (CePAS) bidden zanter Joren eng grouss Unzuel u Formatioune ronderëm d’Thema Mobbing un. Dës Formatioune riichte sech un d’Léierpersonal wéi och un dat sozio-edukatiivt Personal aus de Grondschoulen a Lycéeën. Dës Formatioune gi fir d’Léierpersonal am Kader vun den obligatoresche Weiderbildungsstonnen, déi zu hirer beruffleecher Tâche gehéieren, comptabiliséiert. D’Formatiounen zum Thema Mobbing sinn allerdéngs net obligatoresch.

Et ass wichteg ze betounen, datt all Acteuren aus der Schoulgemeinschaft, inklusiv d’Elteren, eng gemeinsam Verantwortung droe fir opmierksam ze sinn an déi noutwendeg Reflexer ze entwéckelen, fir bei Gewaltfäll adäquat ze reagéieren.

Gemäss den Dispositioune vum Artikel 28 vun der *Loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées*, ass all Schoul dozou verflicht, op Gewaltfäll ze reagéieren an déi disziplinaresch Mesuren ëmzesetzen, déi am Code de l’éducation nationale virgesi sinn. Zanter dem Gesetz vum 30. Juni 2023 gouf och d’Funktioun vum Délégué à la protection des élèves (DPE) agefouert. Dësen huet laut dem Code de l’éducation nationale ënnert anerem follgend Missioun: *« de promouvoir les droits de l’enfant et de sensibiliser et informer les élèves ainsi que les autres acteurs de la communauté scolaire à ces droits. »* Dëst bedeit, datt den DPE eng Schlësselroll an der Opklärung, Präventioun a Begleedung

iwwerhëlt, fir d'Rechter vun de Schüler ze schützen an eng Kultur vum Respekt a Wuelbefanne bannent der Schoul ze färderen. All Schüler, genee sou wéi seng Elteren oder gesetzlech Vertrieder, kënnen sech un de DPE aus hirer Schoul wenden, wann si eng Ënnerstëtzung ufroe wëllen.

Zousätzlech dozou entwéckelt all Schoul eege Preventiounsstrategien, besonnesch am Beräich vum Konfliktmanagement. Dës Strategien hunn als Zil, d'Schüler an d'Léierpersonal ze sensibiliséieren, fir datt si Mobbingsituatioune fréi erkennen an op eng ugepasste Manéier dorop reagéieren, éier et zu enger Gewaltdot kënnt. Membere vum Service psycho-social et d'accompagnement scolaires (SePAS), dem Service socio-éducatif (SSE) an/oder dem Schoulinternat hunn hei d'Aufgab fir präventiv virzegoen. Jee no Besoin oder Demande kann e reegelméissegen Espace de paroles régulés mat de concernéierten Schüler organiséiert ginn. Dëse Gruppenaustausch gëtt als Instrument fir emotional Entlaaschtung, sozial Kohäsioun a Gewaltpräventioun an de Lycéeën agesat.

Zu Lëtzebuerg fënnt dësen Usaz seng konkret Ëmsetzung am Dispositif Bientraitance, engem nationale Projet vum CePAS. Dëse Projet, deen aus der fréierer Peer-Mediatioun ervirgeet, setzt op eng ganzheetlech Schoulapproche (*Whole School Approach*) a schaaft Strukturen, déi et erlaben, datt Schüler – als Affer, Zeien oder Auteuren – direkt an adäquat begleet ginn. Am Mëttelpunkt stinn dobäi och d'Ausbildung vu sougenannten Ambassadeuren, déi an, souwéi ausserhalb vun der Schoul Präsenz weisen an aktiv zu enger oppener Kultur bäidroen. Dobäi ginn d'Selbstvertrauen, d'Resilienz an d'Zivilcourage vun de Jonken (virun allem Affer an Zeien) gezielt gestäerkt – genee sou wéi d' Responsabiliséierung vun de Jonken.

**3. Wéi eng Moossname kënne schnell geholl ginn, fir esou Gewaltdoten an de Schoulen an op de Schoulweeër z'ënnerbannen?**

D'Effektiver an de Präventiouns-Servicer vun der Police sinn 2025 eropgesat ginn, wat eng verstäerkte Preventioun an de Schoulen erméiglecht.

Am Enseignement fondamental ass den Titulaire de classe déi éischt Referenz- a Vertrauenspersoun fir d'Schülerinnen an d'Schüler, wa se op Schwieregkeete stoussen. Dësen huet d'Aufgab, sech de Schüler unzehuelen, wann hien Verännerungen an hirem Verhalen observéiert. An esou Situatiounen ass et d'Responsabilitéit vum Titulaire de classe, de Schouldag no de Besoine vun der Klass ze strukturéieren an – wann néideg – zesumme mat der Equipe pédagogique, mat de Schüler ze schwätzen, méiglech Problemer ze erkennen an déi néideg Schrëtt anzeleeden. Um lokalen Niveau intervenéieren ausserdeem d'Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (I-EBS). Och si si wichteg Referenzpersoune fir d'Schüler.

Um regionalen Niveau kënnen déi pedagogesch Equippen, d'Elteren oder och de Schüler selwer sech un d'Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs spécifiques (ESEB) wenden, wa si der Meenung sinn, datt d'Mesuren, déi an der Schoul organiséiert goufen, net wäit genuch ginn. Ausserdeem bleift déi jeeweileg Regionaldirektioun e wichtege Kontaktpunkt fir d'Elteren an d'Schoulpersonal.

Nieft den direkten disziplinaresche Moossnamen, déi eng Schouldirektioun am Fall vu Gewalt ergräife kann, ass et essentiel, mat de betraffene Schüler (Affer an Auteur) an hire gesetzleche Vertrieder an den Dialog ze goen. Dëst erlaabt et, d'Ursaachen an d'Konsequenze vun der Gewaltaktioun aus alle Perspektiven ze beliichten. D'Zil ass et e sécheren Kader ze schafen, fir iwwer den entstanene Schued ze schwätzen an hinnen de Schüler d'Méiglechkeet ze ginn, sech fräiwëlleg op eng Mediatioun anzeloossen fir eng gemeinsam Léisung ze fannen, fir datt dëst sech net nach eng Kéier widderhëlt.

Wann et sech ëm eng Strofdot handelt, déi vu Mannerjärege begaange gouf, ass d'Weiderleeden un de Parquet natierlech obligatoresch. Dësen ass zoustänneg fir d'juristesch Suite vun esou Fäll.

Trotzdeem däerfen d'Reaktiounen op Gewalt net nëmmen op Sanktioune limitéiert bleiwen. Et ass wichteg, datt d'Preventioun am Mëttelpunkt steet. Dofir solle gezielt Mossnahmen geholl ginn, fir d'non-verbal Kommunikatioun, d'Verantwortungsgefill an Zivilcourage zesumme mat de Schüler ze stäerken. Zesummenaarbechte mat de Servicer wéi BEE SECURE oder dem Service national de prévention de la criminalité (SNPC) erméiglechen et, an de betraffene Klassen zäitno an opklärend Interventiounen duerchzeféieren an iwwer déi legislativ Konsequenze vu Gewaltakte mat de Schüler ze schwätzen.

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH